

- Liichte Buedem, liicht as d'Pléien
 Riicht déng Eigen no der Scholl,
 Missen dräi deer Päerd s'och zéien;
¹⁶⁸ Deemno Buedem, deemno d'Roll.

 Looss déng Pléi a Wone maachen
 Vun em Meeschter an dem Stéch,
 Well et geet an dene Saachen
¹⁷² Ganz exakt a bis an d'Bréch.

 Lauschter, Bauer dët as richteg
 Alles geet wann s du gutt gees,
 Wa's de méchs 't as alles wichteg
¹⁷⁶ Fir d' ganz Mënschheet wéi s de weess.

 Aner Lett sin och wuel ierdege
 An se maachen dët an dat
 Oune dech da sin s' all fierdeg,
¹⁸⁰ Bauten s'och aus Gold hir Stad.

 Fir der d'Aarbecht liicht ze maachen
 As och alles gutt gesénnt.
 Wat Maschinnen a wat Saachen
¹⁸⁴ Ee jo hett fir dech erféent!

 Kuck emol di ural Weën
 Iwer Hiwel Steen a Kniwel
 Déif Geléiser an de Leën
¹⁸⁸ Am Moraas bis iwer d' Stiwel.

 Elef Päerd u fénnef Zenner
 An om Iesel d' Mësch am Sak.
 Ee Gespann a siwe Männer,
¹⁹² Mat der Gäissel klick a klak!

 Himmel Häll an Donnerwieder
 Alles gouf dann ugejaut:
 Aus dem Eisen aus dem Lieder
¹⁹⁶ Fueren d'Päerd mat zrassner Haut.

 Kémmt nu zréck d'Gefier un d'Rennen
 Schleeft et d'Béischen op de Récker
 Ir ee kann e Mëttel nennen,
²⁰⁰ Trëllt d'Gespann an dausend Stécker.
¹⁹⁸ et as báigeschriwwen

 Kuck nu d'Stroosse, déi sech zéien
 Kräizwees hin an hier duurch d'Land:
 Wi d'Gespänner driwwer fléien!
²⁰⁴ A geféiert vun em Kand.

 Iwer Suppen sti schéi Brécken,
 D'Leë sin ewech gehan
 An du kanns och oune Zécken
²⁰⁸ Dag an Nuecht déng Rees nu man.

 Wann de Bierg sech héich och wénkelt
 Bis un d'Wolken wi eng Buurg
 Wou de Wee nüt driwwer krénkelt,
²¹² Geet en Tunnel drénnert duurch.

 Héischt et päifen, wäit vu fären?
 An de Buedem, wi e schuddert!
 Récken d'Fielzen aus de Lären?
²¹⁶ Stolz kémmt d'Feierpäerd geduddert!

 Ëm séng Héif, kuck, wi et fonkelt
 Séng Geschwënnheet mécht dech dronken
 Wou säin Otem d'Sonn verdonkelt,
²²⁰ As säi Wee op gliddeg Quonken!
²²⁰ op duerch vu ersat

 'T kémmt dohier as wi der Donner.
 'T rennt ewech as wi geblëtzzt,
 'T hält mat fort wi duerch e Wonner,
²²⁴ Wien op séngem Suedel sëtzet.

 Fro: Wouhier? Vun allenennen.
 Fro: Wouhin? Wou Mënsche sin.
 Wëlls de rondëm d'Aerd mat rennen?
²²⁸ Setz dech op a fuer dohin!

 Dat as d'Feier, dat as Eisen,
 Waasser, an der Mëschenhand.
 An de Mënsch dee kémmt beweisen,
²³² Wat e kann duerch säi Verstand.

 D'Mënschheet huet hiirt Spill gewonnen,
 All Nationen si verbonnen;
 All Entfernonk as verschwonnen:
^{232a} D'Jor sin Méind, an d'Méind si Stonnen.
^{229a}–^{232a} Déi ganz Strof as duerchgestrach
^{232a} Méind duerchstrach an duerch Deg ersat

 Fäert nüt méi de groussen Honger
 Mécht de Frascht déng Somen dout
 Well de Yankee wi den Onger
²³⁶ Schécke gutt a wuelfeel Brout.
²³³–²³⁶ as mam Bleistëft báigeschriwwen

 IV

 'T war e Bauer no um Stierwen,
 Deen zu sénge Kanner sot:
 Wéineg wäerd der vu mer ierwen,
²⁴⁰ Hun ech mech och vill geplot.

 Kleng as d'Zuel vun eise Stécker
 Awer eent as dach ze luewen:
 Well an engem vun de Récker
²⁴⁴ Läit e Quascht vu Gold begruewen.